

Ordre du jour

1. Dépôt d'un projet de loi
2. 4865 - Proposition de loi ayant pour objet d'assurer la qualité de l'alimentation dans la restauration collective publique  
(Présentation, conformément à l'article 60 du Règlement - Discussion)
3. 5172 - Proposition de loi portant organisation d'un réseau de bibliothèques communales  
(Présentation, conformément à l'article 60 du Règlement - Discussion)
4. 5023 - Projet de loi modifiant

1) la loi du 30 juillet 1999 concernant

a) le statut de l'artiste professionnel indépendant et l'intermittent du spectacle

b) la promotion de la création artistique

2) la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail (suite)

(Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
5. 5106 - Proposition de loi relative aux prénoms des enfants  
(Présentation, conformément à l'article 60 du Règlement - Discussion)
6. 4969 - Proposition de loi portant introduction de la médiation civile et commerciale dans le Nouveau Code de Procédure Civile  
(Présentation, conformément à l'article 60 du Règlement - Discussion)
7. 4810 - Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 22 février 1968 sur la nationalité luxembourgeoise visant à introduire la double nationalité et à faciliter l'accès à la nationalité luxembourgeoise  
(Présentation, conformément à l'article 60 du Règlement - Discussion)
8. Dépôt d'une proposition de loi
9. 4810 - Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 22 février 1968 sur la nationalité luxembourgeoise visant à introduire la double nationalité et à faciliter l'accès à la nationalité luxembourgeoise  
(Discussion - suite)
10. 4947 - Proposition de loi tendant à élargir les conditions requises pour l'adoption aux personnes non mariées  
(Présentation, conformément à l'article 60 du Règlement - Discussion)
11. Dépôt d'un projet de loi

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Erna Hennicot-Schoepges, M. Luc Frieden et Mme Anne Brasseur, Ministres.  
(Début de la séance publique à 14.32 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Matdeelung ze maachen?

(Assentiment)

D'Madame Minister Anne Brasseur huet d'Wuert.

1. Dépôt d'un projet de loi

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Här President, ech sinn autoriséiert duerch Arrêté grand-ducal vum 18. Abrëll 2004 den Dépôt vum

- *Projet de loi 5328 portant réorganisation du centre de psychologie et d'orientation scolaires (CPOS)*

ze maachen.

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun enger Proposition de loi duerch d'Madame Éducationminister Anne Brasseur. D'Proposition gëtt weidergeleet un de Conseil d'État an un déi zoustänneg Instanzen.

Haut de Mëtteg hu mer op eisem Ordre du jour d'Presentatioun vu verschiddene Propositions de loi. Esou wéi den Artikel 60.1 vum Chamberreglement et virgesäit, stinn dem Auteur vun der Proposition de loi, de Fraktiounen an der Regierung jeeweils zéng Minutten, an de Sensibilités politiques fënnef Minutte Riedezäit zur Verfügung.

Als éischte Punkt op eisem Ordre du jour vun haut de Mëtten hu mer d'Presentatioun vun der Proposition de loi 4865 vun den Hären Nico Loes a Marco Schank iwwert déi öffentlech kollektiv Restauratioun. Et si bis elo ageschriwwen den Här Fayot, d'Madame Durdu an den Här Colombero. D'Wuert huet elo den Här Nico Loes, Auteur vun der Proposition de loi, déi hien zesumme mam Här Marco Schank déposéiert huet.

2. 4865 - Proposition de loi ayant pour objet d'assurer la qualité de l'alimentation dans la restauration collective publique

Présentation

M. Nico Loes (CSV), *auteur*.- Merci, Här President.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Proposition de loi, déi ech lech haut de Mëtteg presentéiere kann, hunn ech zesumme mat mengem Fraktiounskolleeg, dem Marco Schank, de 14. November 2001 an der Chamber déposéiert, an zwar ulässlech vun den Orientatiounsdebatten iwwert d'Politik vun der Restauration collective an der Restauration scolaire.

D'Zil vun dëser Proposition de loi ass et e Kader ze schafen, deen et erlabe soll alle concernéierte Parteien an der Restauration collective publique eng optimal Liewensmittelqualität ze sécheren. D'Evolution vun eiser Gesellschaft a vun den Aarbechtsrhythme bréngt et mat sech, dass ëmmer méi Leit hir Molzechten ausserhalb vun hirem Doheem zou sech huelen. Parallel zu dëser Entwécklung vun der individueller Restauratioun stellt ee fest, datt och d'kollektiv Restauratioun an deene leschte Joren ëmmer méi u Bedeitung zougeholl huet.

Et sinn haaptsächlech dräi Kategorië vu Leit, déi op déi kollektiv Restauratioun an dem öffentleche Beräich zrëckgräifen. Éischstens sinn dat d'Kanner an de Crècheën, an de Spill- a Primärschoulen an déi jonk Leit an eise Lycéeën. Och eis eeler Matbierger an den Altersheimer, Centres intégrés, Tagesfoyeren an anere Strukturen sou wéi all krank Leit an de Kliniken sinn op eng kollektiv Restauratioun ugewisen.

Um Niveau vun der individueller Restauratioun iwwerléisst de Stat de privaten Acteuren e groussen Deel vun der Responsabilitéit, wann et ëm d'Liewensmittelqualität geet. Trotzdeem gëtt awer kontrolléiert, datt héichwäerteg sanitär an hygiesch Standards erfüllt sinn.

D'Situatioun ass awer anescht bei der Restauration collective am öffentleche Beräich. Hei huet de Stat eng direkt Responsabilitéit vis-à-vis vun deene concernéierte Parteien, an dës Responsabilitéit ass ëmsou méi grouss, well et sech bei deene Beträffenen an deene meeschte Fäll, wéi ech et scho virdru gesot hunn, ëm d'Kanner an der Schoul, eeler Leit an den Altersheimer a krank Leit an de Kliniken handelt, déi op eng gesond an equilibréiert Ernährung ugewise sinn.

Dës Leit hunn net de Choix vun hirer Restauratioun wéi déi Leit, déi am Berufsliewe stinn, an doduerch selwer d'Méiglechkeet hunn d'Zort an awer och d'Qualitéit vun hirer Molzecht ze bestëmmen. All déi aner sinn op dat ugewisen, wat se ugebuede kréien. Dem Stat fält deemno eng grouss Responsabilitéit zou, well d'Qualitéit vun der kollektiver Restauratioun fir e groussen Deel vum System vun den öffentlechen Ausschreibungen am Kader vun de Marchés publics ofhänkt. Ech mengen, mäi Fraktiounskolleeg Marco Schank wäert nach dodrop agoen.

Dëse System huet des Öftere mat sech bruecht, dass duerch d'Politik vum niddregste Präis net ëmmer déi beschte Qualitéit erreecht konnt ginn. Déi verschidde Krisen an de leschte Joren, sief dat BSE oder MKS oder aner Krankheete bei Déieren, hu gewisen, datt ee beim Akaf muss vun de Liewensmittel net nëmmen op de Präis kucken, mä et soll een haaptsächlech och op de Wäert an op d'Qualitéit an op d'Sécherheet vun de Produiten Uecht ginn.

No der BSE-Kris huet déi Europäesch Kommissioun e Livre blanc publizéiert fir déi europäesch Liewensmittelsécherheet ze reforméiere mat dem Zil vun enger optimaler Sécherheet. Dës Politik gëllt

et och deemno hei zu Lëtzebuerg ëmzesetzen. Eng optimal Sécherheet bréngt sécherlech och eng optimal Qualitéit mat sech. Dës optimal Liewensmittelqualität muss mir och an der Restauration collective publique erreechen.

Mir hunn dofir am Artikel 3 vun eiser Proposition de loi eng Rei Objektiv definéiert, wéi een esou e Qualitätssystem am Beräich vun enger Restauration collective schafe kënnt, éischens um Niveau vun der Qualité intrinsèque, also vun der ursprénglecher Qualitéit vun de Liewensmittel muss gekuckt ginn, dass d'Liewensmittel frësch sinn, keng Zousatzstoffe enthalten an net oder nëmme licht transforméiert goufen. D'Hierkunft, d'Fabrikatioun an d'Transformatioun vun de Liewensmittel muss noweisbar ginn. Et ass dëst d'Iddi vun der Traçabilitéit vun de Liewensmittel, de sou genannte Prinzip vum Stall oder vum Gaart op den Dësch.

Zweetens, en aneren Niveau ass dee vun der Qualité nutritionnelle, dat heescht mir müssen alle Leit hire spezielle Bedierfnisser no eng equilibréiert a gesond Alimentatioun ubidden.

Drëttens, um Niveau vun de sanitären an hygiesche Standarde fir Liewensmittel muss probéiert ginn ëmmer en héijen, wann net deen héchste Grad vu Sécherheet ze erreechen.

Véiertens si mir der Meenung, dass an der Restauration collective publique Produkter solle gebraucht ginn, déi vun enger initialer Produktioun iwwert d'Transformatioun bis hin zur Vermaartung eng héich nohalteg Entwécklung garantéieren. Fir dës nohalteg Entwécklung ze sécheren, müssen ekonomesch, sozial an ekologesch Aspekter matenee kombinéiert ginn. D'Produits du terroir, regional Produkter, Produkter aus ekologeschem Ubau oder Produkter aus dem fairen Handel kéimen an dësem Sënn a Fro. Hei müssen awer och déi néideg Qualitätskritären erfüllt sinn, et muss garantéiert sinn, datt dat, wat op der Verpackung drop steet, och dran ass.

Bei der Ëmsetzung vun dëse Moossname soll an eisen Aen de Landwirtschaftsminister vun engem Conseil supérieur de la restauration collective publique assistéiert ginn. Seng Missioun ass et ënner anerem d'Regierung ze beroden. Ausserdeem huet hien d'Mat-sproochrecht bei allen Entscheedungen a Problemer, déi sech an der Matière vun der Restauration collective publique stelle kënnen. D'Ëmsetzung vun dësen Objektiv, déi ech virdru genannt hunn, bréngt awer zousätzlech Aarbecht mat sech, dofir soll am Ministère eng zentral Koordinatiounsstruktur, eng Cellule administrative geschafe ginn.

Si hunn ënner anerem als Missioun dem Minister bei der Ëmsetzung vun den Dispositione vun dësem Gesetz ze assistéieren an d'Aktivitéite vun deene verschiddene Ministären ze koordinéieren am Beräich vun der Restauration collective. Et ass ons wichteg, datt mir d'Gesondheet vun deene Leit, déi op eng Restauration collective am öffentleche Beräich ugewise sinn, duerch eng optimal Liewensmittelqualität a -sécherheet schützen. Duerch dës Proposition de loi wëlle mir prezis Kritäre festlee fir eng gesond a qualitativ héichwäerteg Restauratioun am öffentleche Beräich ze garantéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an hirer Stellungnahm vum 22. Oktober 2003 zu eiser Proposition de loi ass d'Regierung mat den Zilsetzunge voll a ganz d'accord, mä mir maachen an dësem Kontext och Referenz op d'Aussoe vum Premier zur Lag vun der Natioun, déi hien den 3. Mee 2001 hei gemaach huet. Mäi Fraktiounskolleeg Marco Schank an ech selwer sinn der Meenung, datt d'Organisa-

tioun, d'Koordinatioun an och de Contrôle vun der Restauration collective scolaire ënnert d'Attributioun vum Landwirtschaftsministère gehéiert, well hie kompetent ass fir déi Filière am agroalimentaire Beräich och ze kontrolléieren.

(Interruption)

Ech mengen, mir sinn och der Meenung, an d'Regierung weist och an hirer Stellungnahm drop hin, datt duerch déi Zesummenaarbecht, déi tëscht de Ministären och elo leeft an der Santé, am Éducatiounsberäich, datt déi och elo garantéiert ass, datt mer awer doduerch ze vill eng bürokratesch an och, soen ech emol, eng soss opwändeg Struktur- a Kontrollorganisatioun géifen hei an d'Liewe bréngen.

Dofir hoffen ech, an ech denken och de Kolleeg Marco Schank, datt wa mer déi bürokratesch Problemer hei aus dem Wee geschaaft kréien, mer dann awer an der Zilsetzung vun eiser Proposition de loi mat der Regierung a si mat eis kënnen d'accord ginn, fir datt mer an deem heite Beräich dann och déi Zilsetzunge kënnen erreechen, déi mer am Intérêt vun de Konsumenten a vu jiddfer Eenzelnen an de Kantinnen, an de Schoulen, an de Spideeler kënnen erreechen. Domat géif ech lech merci soe fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Marco Schank.

M. Marco Schank (CSV), *co-auteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Proposition de loi vun där mer elo grad schwätzen, déi ech zesumme mat mengem Kolleeg Nico Loes déposéiert hunn, huet als Zil eng optimal Liewensmittelqualität an den öffentleche Kantinnen ze assuréieren an dem Stat fält do effektiv eng grouss Responsabilitéit zou, well d'Qualitéit vun der kollektiver Restauratioun fir e groussen Deel dem System vun den öffentlechen Ausschreibungen am Kader vun de Marchés publics zoufält, an den Nico Loes huet et gesot, d'Politik vum niddregste Präis garantéiert net ëmmer déi beschte Qualitéit.

A wat heescht Qualitéit? Qualitéit heescht net nëmme Sécurité alimentaire a limitéiert sech net nëmmen op de Produit final, mä Qualitéit heescht eben och, et gëtt am Fong ëmmer méi wichteg ze wëssen, wou de Produit hierkënn an op wéi eng Manéier de Produit zustane koom. An dobäi kënnt d'Noutwendegkeet vun enger ekologescher Plus-value bei der Produktioun oder bei der Transformatioun an dorop spillt de Punkt 4 aus dem Artikel 3 un, wou daitlech gemaach gëtt, datt den Développement durable bei der Produktioun, bei der Veraarbechtung an esouguer och bei der Kommerzialisatioun eng Roll soll spillen.

Mat deem neie Soumissiounsgesetz gëtt et ënner anerem méiglech bei Ausschreibunge speziell Kritäre gëllen ze loossen, fir méi Liewensmittelqualität ze erreechen, fir éischer och de Produzente vor Ort eng Chance ze ginn a gläichzäitig och dee lokalen Artisanat ze valoriséieren, also zum Beispill e Metzler oder e Bäcker.

An anere Wierder, d'Alimentation de proximité, vun där an Europa jo ganz vill geschwat gëtt, géif do éischer eng Chance kréien an dorëms geet et net fir d'lescht, eiser Landwirtschaft vor Ort mat Kleng- a Mittelbetriber aus dem Secteur alimentaire eng Chance ze ginn, fir a Marchéen eranzekommen.

Am Artikel 3 vun der Proposition de loi si virun allem dräi Notioune wichteg. Dat ass scho kuerz ugeschnidde ginn.

Éischens d'Traçabilitéit. D'Liewensmittel muss frësch sinn. Dann den Développement durable, dee festgeschriwwen ass an alles



dat géif an Zukunft et méiglech maachen, datt verstärkt Baueren an Aarbechter aus der Region un der Restauration collective kënnte bedeelegt ginn.

Dir wësst, datt an enorm ville Regiounen an Europa ëmmer méi de Prinzip vun de kuerze Weeër fir d'Alimentatioun propagéiert gëtt. Dir kennt dat Beispill vum Joghurt, dee wann en um Dësch lant, ënner Emstänn schonn eng puer dausend Kilometer hanneru sech huet, wann d'Äerdbieren aus Spuenien kommen, d'Mëllech aus dem Allgäu an den Zocker ech weess net vu wou, a wann een dann am Internet kucke geet fënnt een honnerten, fir net ze soen dausende vu Beispiller wou probéiert gëtt an europäesche Regiounen eng zukunftsfaeg Landwirtschaft mat kuerze Weeër ze propagéieren, ënnert dem Motto: D'Qualitéit aus der Region fir d'Regioun. „Kurze Wege auf Theke und Teller. Regionales vor Ort“ an esou weider an esou fort. Där ginn et also eng ganz Partie an et kommen och praktesch all Woch regional Marken derbäi, wéi viru kuerzem an der Nopeschregioun vun der Eifel.

Awer och hei spillt grad an där Proposition de loi dee gesicherten Origine eng Roll, datt ee weess wou eppes hierkënn, d'Regionalitéit, d'Frëschheet an dacks ginn et hei net nëmme Kooperatiounen dobaussen tëschent Produzenten a Veraarbechtung, mä eben och mat Restaurants, respektiv öffentleche Kantinnen.

Et gëtt eng ganz Partie Initiativen an Europa, wou biologesche Landbau oder och Richtlinnenubau eng Roll spillt, wou Mindeststandarde gefuerdert ginn an der Déierenhaltung, wou op d'Gentechnik verzicht gëtt, wou op Leeschtungsförderung, op preventiv Antibiotika verzicht gëtt, d'Erofsetzen oder de Verbuet wéi bei der biologescher Landwirtschaft vu Bioziden.

Haut gëtt et Kantinnen hei am Land, wat ech ofschléissend nach wollt soen, wou ganz dacks d'Gemengen eppes ze soen hunn. Et gëtt awer och eenzel Kantinnen a Lycéee wou lokal a biologesch Produiten eng Verwendung effektiv fannen. An ech mengen, datt esou eng Démarche wéi dës Proposition de loi e wichtegt Signal duerstellt eben och fir eis Baueren an d'Veraarbechten am Land.

Wat elo d'Prise de position vun der Regierung ubelaangt, den Nico Loes huet et gesot, wollt ech an deem Kontext just rappeléieren, datt effektiv duerch ugepasste Cahiers des charges zumindest deelweis den Objektiv vun dëser Proposition ka Rechnung gedroe ginn an och mat Hëllef vun deenen neie Soumissiounsgesetzer. Ech wollt och nach drop hiweisen, datt ganz vill Nofro dobaussen an öffentleche Kantine besteet - do wonnert ee sech - u Liewensmëttel aus ekologeschem respektiv aus Richtlinnenubau.

Här President, Kolleginnen a Kollegen, méi Qualitéit, méi Traçabilitéit, méi Ekologie, manner Transport, méi Dialog tëschent dem Konsument an dem Produzent, alles dat, mengen ech, sinn enorm wichtig Atoutë fir eng zukunftsfaeg Landwirtschaft, fir eng zukunftsfaeg Liewensmëttelwirtschaft, fir méi Liewensmëttelsécherheet an dat alles bedeit an eisen Aen zumindest e klenegt Stéckelche Wee aus de Problemer vun der Landwirtschaft.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.** - Ier mer weiderfuere wollt ech d'Chamber nach drop opmierksam maachen, dass de Vote iwwert de Projet de loi 5023 iwwert de Statut vum Artist, dee mer gëschter als leschte Punkt behandelt hunn, géint véier Auer stattfënnt. Da fuere mer weider mat eisem Ordre du jour. Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

**Discussion générale**

**M. Ben Fayot (LSAP).** - Här President, ech wollt déi zwee Auteure vun där Proposition de loi félicitéiere fir déi Aarbecht, déi se gemaach hunn. Ech fannen et wichtig, dass Deputéierte sech Gedanke maachen iwwer Gesellschaftsproblemer, well d'Restauration collective ass haut e Gesellschaftsphenomeen laanscht dee kee méi kënnt an iwwert deen een och muss als öffentlech Hand kucken, dass ee se do, wou se eben an der Responsabilitéit vum Stat oder vun de Gemengen ass, esou gutt wéi méiglech gebraucht.

Ech wollt net méi op d'Detailer vun där Proposition agoen. Ech wollt just dräi Punkten ervirhiewen. Den éischte Punkt ass dee vun der Restauration scolaire. Dat ass nëmme een Aspekt vun der Restauration collective. Mir wëssen, dass déi Restauration scolaire vläicht verschidden ass jee nodeem ob een am Primaire ass oder am Secondaire. Am Primaire sinn et d'Gemengen, déi d'Responsabilitéit dofir hunn an dofir hunn d'Gemengen dann och eng ganz Partie Méiglechkeete fir déi Restauratioun esou gutt wéi méiglech ze maachen, no deene Prinzipien, déi den Här Loes an den Här Schank hei virgedroen hunn.

Ech wollt soen als Member vun der stater Schoulikommissioun, do hu mer jo och vill mat Foyers scolaires, Foyers de midi ze dinn a mir wëllen, dass déi Restauratioun an de Foyers de midi an de Primärschoulen esou vill wéi méiglech duerch eng Cuisine de proximité markéiert gëtt, dat heescht, net esou séier eng Restauration industrielle, wou een au mieux offrant probéiert dat Bëllegst ze kréie fir d'Kanner, mä wierklech eng Restauratioun, déi wa méiglech sur place oder an engem noen Emkrees gemaach gëtt an dann direkt fir d'Kanner préparéiert gëtt. Dat schéngt mer eng wichtig Orientatioun ze sinn, déi jo och an der Proposition de loi vun deenen Häre Kolleegen dran ass.

Déi zweet Remarque, déi ech wollt maachen, dat ass déi ganz Fro vun der Sécurité alimentaire, déi hei och an der Antwort vun der Regierung ugeschwat gëtt. Ech erënnere drun, fir déi, déi et vläicht vergiess hunn, dass ech eng Proposition de loi iwwer eng Agence de sécurité alimentaire gemaach hunn, well mir hate jo an dëser Legislatur enorm Problemer, net nëmme mir zu Lëtzebuerg, mä ganz Europa mat BSE, och an der viregter Legislatur scho mat BSE, mat Dioxinen, mat Fièvre porcine, mat all deenen Epidemien, déi d'Alimentatioun vun den Europäer concernéieren. A firwat concernéiere si se? Well mer eben e Marché intérieur hu vun deene Produiten a well d'Sécurité alimentaire an deenen eenzelne Länner ganz ënnerschiddlech ass. An dofir ass et wichtig, dass mer an all Land e Maximum vu Contrôle vun der Qualitéit vun den lesswueren hunn, e Maximum vu Contrôle fir d'Sécurité alimentaire ze assuréieren.

Mir wëssen, datt mer zu Lëtzebuerg e Rapport vun der Regierung virgeluecht kruten am Juni 2000. An dee Rapport vum Juni 2000 huet eng ganz Partie Mängel ervirgestrach, déi och doduerch kommen, dass vill verschidde Ministären sech mat engem Deel vun der Sécurité alimentaire befaassen, mä dass et awer keng Agence oder kee Corps gëtt, déi sech global mat där Fro befaassen, an dofir meng Agence de sécurité alimentaire.

D'Regierung huet dat awer net befollegt, si huet e Comité de coordination agesat. Bon, e Comité de coordination, dat ass jo alt schonn en éischte Schrëtt, mä dat ass awer net dat, wat engem kënnt virschwiewen, fir dass an esou enger gravéierender Fro wéi der Sécurité alimentaire ons Gesellschaft ganz seriö weiderkënn. Dofir wollt ech dann nach eng kéier hei ervirhie-

wen, well d'Regierung sech do wëllt e Quitus ginn an hirem Avis zu der Proposition de loi: Ech kann dat net esou gesinn! Ech menge schonn, dass een an enger weiderer Legislatur méi seriö un dee Problem vun der Sécurité alimentaire zu Lëtzebuerg am Verbond mat deene Länner ronderëm am Ban-nemaart misst erугоen.

Meng drëtt Remarque betrëfft den Avis vun der Regierung. D'Regierung seet jo, dass se net mat där Proposition de loi en tant que telle kann d'accord sinn. Si kënnt d'accord si mat den Objektiv, déi doranner sinn, mä net mat der Form, déi dat hält. Si fäert, dat géif ze vill e Waasserkapp, ze vill komplizéiert, ze vill bürokratesch. Dat kann een och nach novollzéien. Si seet dann, si géif dann hir Solution plus pragmatique virzéien. Ech hunn awer elo an deem, wat d'Regierung an hirem Avis seet, net vill Solution pragmatique gesinn. Déi eenzeg, déi ech gesinn hunn, dat ass, dass e Cahier des charges soll opgesat ginn, wou dann déi Kritären dra sinn, déi d'Restauration collective muss hunn, oder et ass och nach e Bichelchen, e Guide pratique, gemaach ginn. Dat sinn déi zwou eenzeg Solutions pratiques, déi ech gesinn hunn.

Dat geet menger Usicht no net duer. Dofir wär et schonn net oninteressant, wann d'Regierung ons géing méi prezis soen, wat se un Approche pragmatique dann do géif gesinn. Ech wëll soen, dass elo éinescht och hei ervirgestrach ginn ass, dass de Ministère de l'Agriculture sech dorëmmer soll bekëmmere. Ech wëll drop hiweisen, dass mer do eng Partie Ministären hunn, déi sech drëm bekëmmere. Bon, de Ministère de l'Éducation nationale, de Ministère de la Famille, dee fir all déi périscolaire Institutiounen zoustänneg ass, de Ministère de la Santé fir de Contrôle alimentaire, an da kéim och elo nach de Ministère de l'Agriculture derbäi: Dat mécht vill. A wann ee bedenkt wéi schwéier, dass et ass fir ze koordinéieren tësche Ministären, da weess een, dass dat komplizéiert gëtt.

Dat sinn déi puer Remarquen, déi ech wollt zu där Proposition de loi maachen. Mä nach eng kéier, ech wollt déi Kollege félicitéiere fir déi Aarbecht, déi se gemaach hunn. Ech mengen et geet op de richtige Wee. Merci.

**M. le Président.** - Als nächst Riednerin ass d'Madame Agny Durdu agedroen. D'Madame Durdu huet d'Wuert.

**Mme Agny Durdu (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, sech asetze fir d'Sécherheet an eng héich qualitativ Ernährung an eisen öffentleche Kantinnen, sief et fir al Leit, sief et och fir d'Fonction publique fir ganz einfach déi Kantinnen, déi an deem Beraich existéieren, well och déi sinn an dësem Gesetzesprojet viséiert, sief et d'Schoulikantinnen an zwar do esougutt de Postprimaire wéi de Primaire, sief et d'Tagesstätten, d'Foyers du jour, wéi och ëmmer datt déi offiziell Strukturen heeschen, sech fir do fir héich qualitativ Ernährung asetzen, ech mengen, dat ass een Anliegen, dat kann all Fraktioun heibannen deelen an dat deelt och all eenzelne Deputéierten, deen heibanne sëtzt. Do mécht kee vun eis eng Exception an et ass kengem egal, wat an deenen öffentleche Restaurants verbraucht gëtt.

Wann ech dann awer dës Proposition de loi, déi natierlech eng ganz louabel Initiativ ass, lesen, a wann ech dann den Exposéen nolauschtere vun deenen zwee Orateuren, a ganz besonnesch dem Här Schank, da fannen ech awer, datt déi Aart a Weis, wéi d'Notioun vu Qualitéit definéiert gëtt, ewell bei

mir sou gewësse Soucien an esou gewësse Bedenken opkomme léisst. Do si véier Punkten ernimmt. Dobäi muss ech natierlech ewell direkt domadder ufänken, dass ech soen, mir hunn hei am Land eng Inspection de la Santé. Ech mengen, déi huet bis ewell ganz gutt ëmmer fonctionnéiert an déi passt ganz gutt op, wat an deenen eenzelne Restaurants oder öffentleche Kiche gemaach gëtt oder eventuell och net gemaach gëtt, a wat misst gemaach ginn, an déi dann op d'Fangere klappt.

Ech denken och un déi nei Disposition iwwert d'ASFT-Gesetz. Wann ech gesinn, wéi mir als Gemengen, ënner wat fir engen Obligatiounen, datt mir musse schaffen, wa mir eis Kantine wëlle bauen oder bauen oder wéi och ëmmer, da komme mer esou Bedenken, wann ech dann esou Elementer liese wéi déi vun der Traçabilitéit. Ech mengen, dat ass eng Disposition, dat ass keng Erfindung hei vum Lëtzebuerger Land, mä dat ass am Fong geholl e Prinzip, deen elo vu Bréissel aus developéiert gëtt, well mer jo déi ganz vill Problemer an der Landwirtschaft haten. Also wéinst der Traçabilitéit musse mer kee Gesetz aféieren.

Dann ass virun allem dee véierte Punkt, dee vun dem Développement durable, vun deem ech mech froen: Wat ass do dermat viséiert? Wann ech drun denken, wéi mer déi Krisen hate vun der Landwirtschaft, sief et iwwert d'Maladie de la vache folle oder sief et iwwert d'Maul- und Klauenseuche, dann ass do dat richtig, wat de Minister Boden - et ass elo schued, dass en net heibannen ass - an der leschter Legislaturperiod gesot huet a wat en an dëser Legislaturperiod all kéiers gesot huet: Déi Lëtzebuerger Landwirtschaft produzéiert qualitativ héichwäerteg Produkter. Mir hunn eng ganz gutt Produktion, déi mer an eiser Landwirtschaft hunn.

Deemno wéi ech dann deen Text hei interpretéieren a wann ech dann deenen zwee Orateuren nolauschteren, dann hunn ech awer do meng Bedenken iwwert dat, wat mir engersäits als Politiker soen a wat mer dann op där anerer Säit als Politik wëlle maachen. Well, wa mer am Fong geholl eis Landwirtschaft hei am Land viséieren, well mat dësem Gesetz probéiere mer jo der Landwirtschaft e Marché zougwarantéieren, wat jo natierlech selbstverständlech ass, mä wa mer awer der Meenung sinn, dass eis ganz Lëtzebuerger Landwirtschaft gutt ass, jo, da brauche mer dëse Gesetzestext net, well ech mengen, da sinn déi Kritären, déi mer elo ewell hunn, da brauche mer déi nëmme ze gebrauchen an da fonctionnéiert dat och an eise Kantinnen. Da brauche mer net nach e spezielle Gesetzestext anzeféieren.

Sollt et awer drëm goen, fir elo nëmme bestëmmte Voleten aus eiser Landwirtschaft e bëssen ze ënnerstëtzen, sief et déi biologesch Landwirtschaft, sief et all déi Betriber, déi an Naturparke leien, fir mol ganz daitlech ze ginn, da fannen ech, ass dat heiten en extrem geféierlecht Unterfangen...

**(Interruptions)**

..., well da riskéiere mer eis Landwirtschaft ze scindéieren. Mir hu momentan wierklech ewell an aneren Domäne genuch Käiler an eiser Landwirtschaft an ech géif et onge sond fannen, wa mer dann nach géifen an deem Beraich do virufueren.

Dat sinn also wierklech Bedenken, déi ech hunn, wann ech dat Gesetz hei lesen. Wéi gesot, mir stoussen och - an ech mengen, mir hunn dat gesi wéi mer d'Marchés-publics-Gesetz diskutéiert an debattéiert hunn, obschonn ech net an där Kommissioun sinn. Politesch gi mer wierklech e falscht Signal, sinn ech do der Meenung, a mir sinn en contrariété mat de Regele vun der Konkurrenz um europäeschen

Niveau an och mat de Règles de la concurrence, déi mer elo ewell souwiso hunn. Ech denken do un de Projet de loi iwwert d'Concurrence, dee mer an deenen nächste Woche wäerte stëmmen, och do wäerte mer eis eng rappe goen.

**Une voix.** - Neen!

**Mme Agny Durdu (DP).** - Mir riskéieren do eis fréier oder spéider Problemer sichen ze goen, déi mer guer net musse provozéieren. Dat si mol déi Iwwerleeungen, déi ech maachen a puncto Qualitéit an a puncto Scissioun vun eiser eegener Landwirtschaft hei am Land, d'autant plus datt wa mer, mir wësse jo wéi vill Landwirtschaft aus deem doten Domän mer hei am Land hunn, wann een da gesäit wat fir e Marché, datt mer hei opmaachen, wat jo absolut verständlech ass, da muss ech awer soen, dann hu mer manifestement net genuch Produkter hei am Land fir dee ganze Marché do ofzedecken. Mir riskéieren dann also Produkter vun iwwerall eranzekréien, wat jo dee Moment gutt ass, well dat jo bestëmmte Standarde sinn, mä mir maachen awer dann eiser eegener Landwirtschaft do onnéideg Problemer, déi jo absolut net musse sinn.

Dat sinn elo déi Iwwerleeungen, déi ech hunn a puncto Qualitéit an a puncto Landwirtschaft. Da sinn déi nächst Iwwerleeungen eben déi iwwert d'Problematik och vun deem Organismus, deen do geschaaft gëtt, an déi Kompetenzregelung, déi do getraff gëtt.

Éischstens, erëm esou en Organismus do schaffen. Bon, deen ass elo hei ugesiedelt bei dem Ministère de l'Agriculture. Et muss een awer soen, an ech mengen den Här Fayot huet et ënnerstrach: Mir hunn eng Inspection sanitaire, déi am Ministère de la Santé fonctionnéiert, an déi fonctionnéiert menges Wëssens ganz gutt. Et ass och momentan e gutt Zesummeschaffen tëschent dem Ministère de la Santé an dem Ministère de l'Éducation nationale.

Den Här Fayot huet gesot, et géif him net duergoen, datt do géing déi Broschür, dee Guide pratique de la restauration scolaire, ernimmt ginn. Mä dee gëtt applizéiert! Am Postprimaires an am Primaires, do sinn d'Gemege gefuerdert, fir sech selwer eventuell an deem heite Guide ze inspiréieren respektiv sech Regeln zouzeleeën, fir bestëmmte Standarden ze errechen, mä konkret gëtt do dorunner geschafft, fir sech Sécherheeten zouzeleeën. Et gëtt och geschafft tëschent der Santé an der Agriculture, also sinn ech och net der Meenung, dass mer elo erëm musse do esou en Organismus schaffen. Well, mir selwer, sief et als Privatleit, sief et als Deputéierten, sief et als Buergermeeschteren, sief et als Schaffen oder als Conseilleren, mir halen net op eis doriwwer opzereegen, dass mer eis d'Liewe schwéier maache mat dësen an deenen Administratiounen.

Mir hunn elo Servicer, déi fonctionnéieren. Firwat gi mer dann elo erëm nei Servicer derbäisetzen, wou mer zwar elo soen, déi regroupéiere mir? Et ass vläicht méi einfach. Da musse mer erëm eng nei Kompetenzverdeelung maachen. Mir musse jo awer eng Inspection sanitaire an der Santé behalen. Da maache mer also erëm eng nei Opdeelung. Mir schaffen nei Servicer. Mir maachen eis d'Liewen also onnétz méi schwéier.

An Dir erlaabt dann och zum Schluss, datt ech och soen: Ech traue eisem Ministère de l'Agriculture an eisem Minister och ganz vill zou, ech sinn awer der Meenung, dass déi natierlech Kompetenz an deem heiten Domän net beim Ministère de l'Agriculture unzesiedelen ass, mä dass déi effektiv beim Ministère de la Santé ass. Dofir géif ech och vun esou Émännerunge vun de Kompetenzen, déi ech och net ganz glécklech fannen, wierk-



lech intensiivst ofroden, esou dass ech dann zur Konkusioun kommen a soen, dass meng Partei ganz bestëmmt de Souci dréit fir natierlech eiser Lëtzebuerger Landwirtschaft e Marché e bëssen ze ginn an ze assuréieren, dass mer eis ganz bestëmmt wëllen asetze fir d'Qualitéit vun de Produkter an eisen öffentleche Restaurants, mä dass mer awer net der Meenung sinn, dass déi heite Proposition de loi dee Kader gëtt an eis och déi néideg rechtlech Sécherheete gëtt, fir dass mer dat och kënne maachen.

Ech soen lech merci fir d'No-lauschteren.

**M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Jean Colombero agedroen. Den Här Colombero huet d'Wuert.

**M. Jean Colombero (ADR).** - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dese Gesetzesprojet vun den Hären Nico Loes a Marco Schank ass e weidere Versuch fir d'Qualitéit vum lessen an den öffentleche Gebaier ze verbessern, nämlech ënner anerem an de Schoulen, de Spideeler an an den Altersheimer.

Ech wëllt hei un d'Gesetzespropos vun eisem Kolleeg Robert Garcia erënneren, deen de 27. Juni 2000 nach an deser Legislaturperiod en ähnleche Virstouss gemaach huet andeems hien d'Qualitéit vun der Restauratioun an de Schoulen (am Précolaire, am Primaire, am Post-primaire an am Supérieur) verbessere wollt. Hie wollt e Service administratif beim Schoulministère usiedelen an eng national Kommissioun vun de Schoulrestauranten op d'Bee bréngen.

Déi Häre Loes a Schank wëllen eng administrativ Zell beim Landwirtschaftsministère an e Conseil supérieur vun der öffentlecher Restauratioun op d'Bee bréngen. Den Här Garcia wollt Qualitätskritäre vum lessen aféieren. Déi Häre Loes a Schank wëllen och Qualitätskritären aféieren, mat der Förderung vu Betriber am ländleche Raum, déi Qualitätswueren ubidden. Bei enger méi iwwerflächlecher Analys géif ee mengen, déi zwee CSV-Deputéierten hätten hire Kolleeg Garcia hei kopéiert,...

#### (Brouhaha général)

...also eng Form vu Plagiat praktizéiert. Ech wëll awer net esou wäit goen an einfach behapten, datt ee Besoin bei de Leit besteet, datt d'Leit awer sensibiliséiert sinn an datt si sech wënschen, datt an enger öffentlecher Struktur, sief et an engem Spidol, engem Altersheim oder enger Schoul, eng gutt Restauratioun ugebuede soll ginn.

Et ass bekannt, datt d'lessen dat beschte Medikament ass. Méi Vitamine, méi Mineralstoffer, méi Spurenelementer ass gläichbedeutend mat méi Vitalitéit, méi intellektuell a physisch Leeschtung a manner Mangelerscheinungen, dat heescht manner Krankheeten. An och Leit, déi krank sinn, erhuele sech éischter wann d'Qualitéit vum lessen optimal ass. Leit, déi an engem Altersheim wunnen, sinn einfach méi vital, d'Schüler bréngen hir Leeschtung an der Schoul an am Sport. Et ass einfach eng Naturregel, en Naturgesetz: De Mensch bréngt méi Leeschtung wann en optimal versuergt gëtt.

Et ass kloer, datt eng besser Qualitéit vum lesse méi kascht, méi de Budget vum Stat belaascht. Mä et ass och wouer, datt duerch eng besser Qualitéit herno manner Krankheeten entstinn an datt de Stat herno heivunner profitéiert, well zum Beispill d'Krankekeese manner belaaucht ginn. Esou eng Gesetzespropos fir eng besser Ernährung an den öffentleche Gebaier wier also en éischte Schratt fir eng preventiv Gesondheitspolitik anzeleeden.

Parallèl dozou géifen déi Lëtzebuerger Produzenten, d'Biobaue- ren, alleguerten déi, déi sech am

ländleche Raum mat hauseegene Produkter profiléiere wëllen, kräfteg ënnerstëtzt ginn a si géifen hir Produkter ouni Problem ofsetzen a verkafe kënnen. D'Mëttelstands- betriber vum ländleche Raum géife revaloriséiert ginn. Initiative wéi zum Beispill den Téi vum Séi, Véi vum Séi, Biowurscht, hausge- maachten Hunneg an anerer géi- fen zur voller Entfaltung kommen. Hei géif eng Symbios entstoen tëschent Produzenten a Konsumenten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech muss awer feststellen, datt des Regierung, obschonnns si all dat wat ech elo opgezielt hu weess, keng Initiativ iwwerhëlt fir iergendeppes ze änneren. Ech wëll chronologesch virgoen. De 27. Juli 2000 déposéiert den Här Garcia seng Propos iwwert d'Restauratioun am Schoulwiesen. Den 3. Mee 2001, dat heescht zéng Méint duerno, deklaréiert de Premier Jean-Claude Juncker, datt de Stat d'Beispill muss weisen an datt an den öffentleche Gebaier, Spideeler, Schoulen a Foyere fir eeler Leit Lëtzebuerger Qualitätsprodukter ugebuede musse ginn, eng Démarche, déi och déi Lëtzebuerger Produzenten ënnerstëtze géif.

De 25. Juni 2001, also zwee Méint no deser Deklaratioun, gëtt d'Propos vum Här Garcia ofgelehnt mat der Argumentatioun, datt des Propos vun der Schafung vu Restaurants an der Schoul a vu Qualitätskritäre beim lessen eng ze vill zwéngend Moosnam wier an datt des Moosnam net an der Verfassung virgesi wier. An der Verfassung wier nëmmen d'Obligatioun virgesi fir d'Schüler ze ënnerriichten a fir d'Schüler ze ënnerstëtzen.

Här President, ech muss awer hei meng Verwonnerung ausdrécken. Et ass en decken Hummer wa mer nach an d'Verfassung aschreiwe sollten, datt all Schüler eng gesond Ernährung an der Schoul garantéiert soll kréien. Ech mengen, dat wier awer nëmme logesch. Dat ass den A an den O vum Liewen. Et ass e staarkt Stéck, datt d'Regierung sech hannert der Verfassung verstoppt fir ze erklären, datt d'Schüler net onbedéngt eng Qualitäts- ernährung zou sech huele mussen!

Véiertens, den 21. November 2001 deponéieren déi Häre Loes a Schank hir Gesetzespropos iwwert d'Qualitätskritäre vum lessen an den öffentleche Gebaier.

Fënneftens, zwee Joer duerno, den 22. Oktober 2003, hält d'Regierung Stellung zu deser Propos. D'Regierung fënn d'Iddien, déi an deser Propos sinn, ganz gutt, mä si kann des Propos net unhuelen. Si fënn, datt de Gesondheitsministère alles am Grëff huet. De Gesondheitsministère huet jo och e Buch ausgeschafft, den „Guide pratique de la restauration scolaire“. Do gëtt net vun Altersheimer geschwat. Do gëtt net vu Spideeler geschwat. An do soll alles draстоen iwwert d'Qualitéit, d'Hygiène, d'Konservatioun an d'Préparatioun vun Nahrungsmittelen an alles wat fir d'Kanner gutt soll sinn. Voilà, esou einfach ass dat! Esou brauch des Regierung sech net vill Kappzer- brieches ze maachen. Et steet jo alles an engem Buch dran.

Wat awer nach méi skandaléis ass, ass folgend Zitat vun der Regierung: Wat déi ländlech Produkter ugeet, esou dierf een net ze vill strikt gesetzlech Dispositiounen treffen, well soss kéinte mir mat Bréssel a Konflikt kommen, well jo eng fräi Zirkulatioun an der EU am Beräich vum öffentleche Maart besteet. An anere Wierder: D'Regierung mengt, datt wann een déi Lëtzebuerger Bioprodukter an eisen öffentleche Schoulen, Spideeler oder Altersheimer iesse géif, da géif Bréssel mam Finger op eis weisen. Abee merci! An elo décidéiert Bréssel och wat mir iesse sollen a vu wem mir dat iesse sollen!

Mir fannen dat net an der Rei. Et geet net, datt Propaganda gemaach gëtt fir de ländleche Raum

ze entwéckele mat senge spezi- fische Produkter an datt d'Produ- zenten hir Produkter da schwéier ofsetze kënnen, well d'Regierung Bréssel fäert. Si mir da wierklech esou ofhängeg vu Bréssel, Madame Minister? Huet d'Regierung wierklech esou eist Land ausver- kaaft, datt mir net méi dierfen décidéieren, ob mir eis Produkter iesse sollen oder net? Madame Minister, gitt eis do wann ech gelift eng ganz éierlech Äntwert.

Dat gesot, fënn d'Gesetzespropos vun den Häre Loes a Schank eis Zoustëmmung. Leider ass d'Regie- rung net gewëllt fir op de Wee vun enger Verbesserung vun der Lie- wensqualitéit am Beräich vun der Ernährung ze goen. Des Regie- rung huet eng aner Logik. Des Re- gierung denkt aneschtters wéi déi normal Leit. Des Regierung ass déi schéinst, déi flottst an och déi intel- ligenst, déi mer jee haten!

#### (Brouhaha général)

Mir si stolz fir esou eng Regierung ze hunn. Fuert esou weider! Op jidde Fall bis den 13. Juni. Maacht lech net ze vill Suerge fir d'Leit. Et gi jo genuch Dokieren, genuch schéi Spideeler, a wa se krank sinn, dann hu se och genuch Medi- kamenten an Apdikten.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Camille Gira agedroen. Den Här Gira huet d'Wuert.

**M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och ech wëllt net grad esou wäit goen a behap- ten, dass d'Kolleege Schank a Loes bei eisem fréiere Kolleeg Garcia geknäipt hunn, mä ech géing awer mengen, dass hien se zumindest inspiréiert huet. Wann een d'Datume kuckt a gesäit, dass den Här Garcia am Juni 2000 eng Proposition de loi iwwert d'Restau- ration scolaire gemaach huet an da kënnt am November 2001 déi hei Proposition de loi no, dann ass sécherlech do e gewësse Lien hierstellen.

Eigentlech, Här President, fannen ech et awer schoonn e schlecht Zeechen, wann d'Deputéierte vun ënnerschiddlecher Faarf sech iwwerhaupt musse Gedanke maachen, fir dass an eiser Restau- ration collective Qualitéitsessen ugebuede gëtt. Eigentlech misst et jo dat Normaalt vun der Welt sinn, dass mer an öffentleche Kantine mam gudde Beispill virginn a wierklech eng gesond Ernährung ubidden. An eigentlech misst et jo dat Normaalt vun der Welt sinn, dass krank Leit an enger Klinik déi beschtméiglech Liewensmittel zerwéiert kréien.

Mir wëssen awer grad wat dat lescht Beispill ubelaangt, vläicht aus eegener Erfahrung oder wa mer emol krank Familljememberen oder Kolleegeen a Kolleegeinne be- siche gaange sinn, dass een net grad d'Gefill huet, dass an eise Kli- niken zum Beispill dat beschtméig- lecht lessen ugebuede gëtt. Et gëtt een dat Gefill net lass, dass hei, mä och a Schoulkantinnen, an Alters- heimer an op anere Plazen, vill méi nom Käschtefacteur gekuckt gëtt, wéi nom Qualitätsfacteur.

Wann dann d'Situatioun esou ass an een dat muss bedauern, be- grësse mer am Prinzip all Initiativ, déi a Richtung geet fir Qualitéit- siessen an den öffentleche Restau- ratiounen unzibidden, an dofir si mer och mat den Ziler vun der Pro- position de loi gréisstendeels eens, obwuol ech mer awer zu engem gewësse Moment d'Fro gestallt hunn, ob d'Auteuren dann och vi- run allem d'Sécherheet vun där Nahrung do am Viséier hätten oder d'Qualitéit.

Well an eisen Aen ass awer do na- ch e groussen Ennerscheed. Et kann een absolut sécher Nahrung hunn, déi awer a puncto Nähr- wäert, a puncto Gesondheet, a puncto Inhalt vu Vitaminen net on- bedéngt dat ass wat ee sech ënner gesonder oder Vollwäerternährung virstellt. Fir en anert Beispill ze hue- len, ech si fest iwwerzeegt, dass d'SEBES-Waasser absolut sécher ass, vläicht esouguer méi sécher wéi verschidde Quellewaasser vu Gemengen, déi autonom funkto- nieren. Ech muss lech awer soen, dass ech fir alles an der Welt dat Waasser net wëllt mat dem Bie- ke- re- cher Waasser tauschen, wat vläicht net grad esou...

#### (Interruptions diverses)

Här President, de Risiko mat Sal- monellevergiftung ass awer relativ kleng an ech géing emol gäre wës- se vun de Spezialisten aus der Santé wéini eigentlech hei dee leschte Mensch am Land u Salmo- nelle gestuerwen ass. Ech hunn heiansdo dat Gefill, dass mer op där enger Säit wat d'Sécherheet an d'Hygiène ubelaangt, ferm iwwer- dreiwén an domat eigentlech d'Kand mat der Bidden ausschë- den an esou op d'Hygiène halen, dass herno praktesch nâischt méi vun Nährwäert an eisen Nahrungs- mitte- le bleibt.

Dofir hunn ech mat der Manéier, déi d'Auteurs gewielt hunn, ganz e bësse Bedenken. Ech weess net, ob déi Struktur do, besonnesch wa se och nach am Landwirtschafts- ministère ugesiedelt ass, elo wier- klech déi Instanz soll sinn, déi dee fundamentale Paradigmewissel soll erbäibréngen. Ech wëll och nach eng Keier drun erënneren, dass Lëtzebuerg 99% vu sengem Uebst a Geméis importéiert. Dofir woen ech ze bezweifelen, dass de Landwirtschaftsministère iwwer- haapt d'Moyenen hätt a senge Fi- lieren deen eenzege Contrôle ze maachen.

Ech froe mech awer och, ob mer net hei och erëm ganz e bëssen hannen ufänken. Ech froe mech, ob net déi éischt Viraussetzung emol wier, dass ee géing soen, esou wéi de Kolleeg Garcia dat fir d'Restauratioun scolaire gemaach hat, mir wëllen dat an eegener Hand behalen. Mir wëllen, dass op der Plaz gekacht gëtt. Well wat notzt et wa mer fir Käschten ze spuere privatiséieren, outsourcing a Grousskichen iergendwou am Land kachen, et dann duerch d'hallef Land kutschéieren an dann nodréiglech mussen Instanze schafen, fir dann awer ze kucken, ob déi Nahrung, déi d'Kanner an eeler Leit eventuell dohigesat kréien, nach deem entsprécht wat mer eis virstellen. Ech weess net, ob dat de richtige Wee ass. Mir missten eis emol eens maachen ob mer der Meenung sinn, dass méi dezentral erëm gekacht gëtt, dass erëm méi mat frëschem lesswuere gekacht gëtt.

Wou mer eis eens sinn ass, dass dat e Käschtefacteur ass, emol net onbedéngt wéinst der Nahrung u sech, mä well dat natierlech vill méi aarbechtsintensiv ass wéi conve- nience foods kommen ze loossen a séier op der Plaz opzewiermen.

Dofir mengen ech, dass mer eis eng Keier misste seriö zesumme- setzen a kucken ob mer net solle vir ufänken an emol definéiere wat eis méi wichteg ass, d'Qualitéit oder d'Geld wat et kascht.

Ech mengen och, dass ech fir eng Keier gewësse Remarqué vun der Regierung kann deelen, wa se seet, d'Fro stellt sech wa mer eis emol politesch eens si wat mer wë- len, mengen ech, dass och esou- guer dat neit Adjudicationsgesetz eis géing d'Méiglechekeete ginn iwwer en hieb- und stichfeste Cahier des charges dofir ze suergen, dass do eng gewësse Qualitéit a gewësse Sécherheeten ofge- séchert sinn.

Da muss een awer och fir déi ganz Servicer, déi iergendeng Konven- tioun mam Stat hunn, suergen,

dass deenen hir Budgeten héich genuch sinn. Ech kann lech aus der Erfahrung soen, als President vun enger konventionéierter Crèche, dass et net machbar ass mat deenen aktuelle Budgeten, déi ee kritt vum Familljeministère, fir an enger Crèche ze kachen, wann Der do alles wëllt mat frësche bio- logeschen a regionalen lesswuere kachen. Da leit Der iwwert dem Budget an da wier et praktesch esou, dass d'Leit aus der A.s.b.l. missten de Weekend Thüringer verkafe goe fir kënnen hire Kanner an der Crèche eng valabel Nah- rung ze maachen. Just fir lech e Beispill ze ginn an ze soen, wann déi do Saachen net klappen, dann notzt et menger Meenung no nâischt e Service hannendrun ze setzen, deen dann dofir soll suer- gen, dass mer eng héich Qualitéit hunn.

Ech mengen, datt och vläicht méi eng prinzipiell breet ugeluechten Diskussioun iwwert d'ganz Restau- ration collective néideg ass an an deem Kontext misste mer wier- klech d'Fro stellen, ob mer iwwer HACCP an esou weider, net am- gaange sinn, wéi ech elo éinescht scho gesot hunn, d'Kand mat der Bidden auszeschëdden.

Ech muss lech soen, wann d'Käch aus der Structure d'accueil vu Bie- kerech op e Séminaire HACCP ginn an et gëtt mam Finger op si gewisen a praktesch gi se ausge- laacht, well si nach géingen et woen zu Biekerech an der Kantinn frësch Gromperen ze schielen, da muss ech lech ganz éierlech froen, Här President, ob mer um richtige Wee sinn an ob mer herno net awer iwwerall convenience foods hunn, well mer fäerten, dass iergendwou e Kand eng Keier den Duerchfall kritt an op där anerer Säit awer sämtleche Cliente vun der Restau- ration collective eng Nahrung vir- setzen, déi wéi ech elo éinescht gesot hunn, zwar absolut sécher ass, mä wou a puncto Vitaminen, a puncto Frëschheet net méi vill dran ass an domat sécherlech och kee Marché wäerte schafe fir déi bio- logesch, fir déi regional Landwirt- schaft, well esou vill wéi ech weess, sinn déi glécklecherweis vläicht nach net esou équipéiert fir convenience foods hierzustellen.

Summa summarum kann ech och vun der Säit vun deene Grénge soen, dass et sécher eng flott Ini- tiativ ass fir d'Saach ze themati- séieren, mä mir missten eis eens ginn iwwert d'Zil. Wëlle mer e Mar- ché schafe fir d'biologesch an déi regional Landwirtschaft oder wëlle mer en anere Problem ugoen? An ech muss lech ganz éierlech soen, deen ass fir mech an Tëschenzäit awer gradesou wichteg ginn a sämtlech Etüden, zumindest an eisen Nopeschlänner, weisen drop hin - a wéi ëmmer ass Lëtzebuerg keng Insel -, dass d'Iwwergewich- tegkeet vu Kanner a Jugendlechen deemnächst och e Problem wäert fir eis Krankekeesen duerstellen.

Ech hunn nach rezenterweis eng Etüd aus dem Frankräich gelies, déi prognostizéiert, wa mer deen do Problem net an de Grëff kréien, wann de Pourcentage vun deene Jugendlechen an Erwuessenen, déi Iwwergewicht hunn, weider wissst wéi an deene leschten 20, 30 Joer, da kréie mer e risige Problem fir eis Krankekeesen. Da wäerten déi et net méi packen all déi Nofol- geerscheinunge vun deem Pro- blem do ze packen, esou dass ech mengen, dass et méi wéi eng Ur- saach gëtt eis seriö Gedanken ze maachen iwwert d'Restauratioun collective, well vläicht ass dat dann nach déi eenzeg Plaz wou iwwer Sensibiliséierung kann dofir ge- suert ginn, dass déi zukünftég Generatiounen sech vläicht erëm e bësse méi gesond ernähre wéi déi, déi elo grad amgaangen ass mat Cola an Chips probéiert iwwert d'Ronnen ze kommen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.** - D'Wuert huet elo d'Madame Éducatiouns- minister Anne Brasseur.



Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech huelen hei d'Wuert am Numm vun der Regierung iwwert d'Restauration collective, well den Éducatiounsminister dee Minister ass, deen déi meeschten lessen ënner senger Responsabilitéit huet an ech géing lech gären e puer Chifferen an Erënnerung ruffen.

Wa mer an de Lycéeën a Lycées techniques 2001 513.622 Menüen haten, esou hate mer am Joer 2003 schonn 816.715 Menüen. Do gesäit een also d'Envergue vun de Restaurants scolaires, an d'Regierung huet mech och dofir gebieden heizou Stellung ze huelen.

Ech wëll och wéi meng Virriedner d'Auteurs félicitéiere fir hir Proposition de loi, well de But - an dat steet jo och an der schréfflecher Prise de position vun der Regierung - vun der Proposition de loi kann d'Regierung selbstverständlech deelen. Mir musse kucken, dass d'Qualitéit vun der Restauration scolaire an d'Luucht geet. Mir musse kucken, dass d'Sécurité alimentaire garantiéiert gëtt. Ob awer dee Wee, deen déi Häre Loes a Schank hei proposéiert hunn, dee richtegen ass, do huet d'Regierung eischter hir Zweifel ugemellt, an den Här Loes ass jo selwer a senger Prise de position virdrun drop agaange wéi hie gesot huet, et muss ee kucken, dass een net ze vill Bürokratie hei mécht.

Ech wëll och drun erënneren, dass mer jo e Ministère hunn, deen d'Kompetenz huet um Gebitt vun der Sécurité alimentaire, an dat ass de Ministère de la Santé, well deen e Contrôle vun den Denrées alimentaires virhëlt, an dat ass e modifiéiert Gesetz vum 25. September 1953. An dann huet de Ministère de la Santé och nach eng Kompetenz andeems d'Doktere vun der Direction de la Santé chargéiert sinn eng Inspection sanitaire ze maachen an d'Lieuven ze kontrolléiere wou lesse manipuléiert oder hiergestallt oder transforméiert gëtt. Et ass deem net Rechnung gedroen an der Proposition de loi, esou dass mer och missten dorop Réferenz huelen.

Wann ech hei all d'Riedner héieren hunn, esou ass jiddferengem seng Suerg - an ech mengen d'Suerg vun der Regierung ass déiselwecht -, dass mer qualitativ héichwäertegt lessen op den Dësch kréien an de préférence och Produiten, déi vun nobäi kommen, an do wëll ech soen, dass mer, och an de Lycéeën, Kichen installéiert hunn an dass sur place lesse préparéiert gëtt an dass mer ëmmer méi dozou iwwerginn.

Ech hunn hei eng Opschlësselung iwwert d'Originé vun den Approvisionnementner. Wat d'Épicerie ubelaangt, an do kommen natierlech Uebst a Geméis an aner Produiten dobäi, do komme 60% aus Lëtzebuerg, 10% aus Belgien, 20% aus Frankräich an 10% aus Däitschland. Beim Fleesch awer hu mer 90% aus Lëtzebuerg an 10% aus Däitschland. Et gesäit een also bei deem wat hei hiergestallt gëtt, dass mer och an de Restaurants scolaires - an déi Donnéeë bezéie sech nëmmen op d'Restaurants scolaires - haaptsächlech op Produiten hei aus dem Land zrëckgräife wat den Approvisionnement ubelaangt.

Ech wëll och soen, dass d'Regierung - an den Här Fayot huet dat ugeschwat, mengen ech - e Komitee vun der Sécurité alimentaire instituéiert huet 2001, ebe just, fir dass iwwert d'Sécurité alimentaire do soll geschwat ginn. Well wat geschitt wa mer eng Iwwerstruktur elo nach duerch d'Gesetz kréien? Dann huele mer erëm déiselwecht, well mir hunn net esou vill Ressources humaines. Mir huelen erëm déiselwecht Fonctionnairen, déi sech dann erëmfannen an enger Struktur, déi eng gesetzlech Basis huet.

An do wëll ech dem Här Colombara soen: Wa vun der Verfassung geschwat gëtt, da steet an der Verfassung, dass ee muss e Gesetz kreéiere mat all deem wat zu der Schoul gehéiert, an dass d'Restauration scolaire net en typesche Schouldomän ass. Et ass jo awer ganz kloer, dass een net alles muss an der Verfassung hunn. Mä op där anerer Säit kann d'Regierung sech awer organiséiere wéi se dat fir gutt fënnt. Dat ass eng Prerogativ vun der Regierung, ouni dass een awer muss op e Gesetz zogräifen, an et ass dat wat mer gemengt hunn. Et muss een net iwwer alles légiférieren.

Ech ginn der Madame Durdu Recht an hirer Appréciation wou se seet, dass mer och mussen oppassen, dass d'Landwirtschaft elo net an zwee gespléckt gëtt an dass déi eng Produiten anescht aklasséiert gi wéi déi aner. Dat ass eng Diskussioun op déi mer ganz gutt mussen oppassen. Menger Meinung no musse mer kucken alles mam gesonde Mënscheverstand ze regelen, an ech gi wierklech hei dem Här Gira Recht, dee seet, dass mer mussen och bei der Hygiène oppassen, dass mer do net iwwerdreiwen.

Ech hätt gären eng Approche mam gesonde Mënscheverstand, well et kann een alles esou reglementéieren, dass d'lesse finalement dann alle Kritären entsprécht, mä et ass aseptesch an et huet iwwerhaupt kee Goût méi. An dofir muss ech lech soen, dass een och do muss oppassen, an ech hunn do och länger Gespréicher mam Gesondheitsminister gehat.

Zu deem, wa gesot gëtt - ech weess net méi wie vun de Riedner et gesot huet - et wär an där Matière do näischt geschitt: Ech wëll lech soen, dass e Guide pratique iwwert d'Restauration scolaire ausgeschafft ginn ass, dee vum Ministère de la Santé éditéiert ginn ass. Do hunn eng ganz Partie Leit vum Terrain matgeschafft. An dorëm geet et jo, dass déi sech solle concertéieren, an zwar ass dat eng Diététicienne, déi an der Pédiatrie spezialiséiert ass, déi gehollef huet. Bei der Direktioun vun der Santé war et och eng Diététicienne, déi hei mat dru geschafft huet, ënnert der Responsabilitéit vun der Madame Dokter Huberty. Dann hunn eng Partie Leit vum Ministère de l'Éducation nationale mat dra geschafft an dann e Représentant oder eng Représentante vun der ASTA, eng Représentante vun der Fédération vun den Elteren, ee Représentant vun der Schoulerestauratioun vun der Stad Lëtzebuerg an eng Conseillère en écologie.

Et ass also probéiert gi fir an deem Guide eng ganz Partie Punkten, déi elo vun den honorabelen Députéierten hei opgeworf gi sinn, zrëckzebehalen, an do geet et iwwert d'Alimentation équilibrée, iwwert d'Qualité des produits, wéi een d'Menü soll équilibréieren, iwwert d'Préparatioun vum lessen.

Här President, ech géing dat hei lech iwwerreechen, fir dass d'Députéierten dat kënnen akucken. Ech mengen awer net, dass et um Législateur ass dat an engem Gesetzestext festzehalen, mä dass et um Terrain ass ze kucken dat do ëmzesetzen.

**(Mme le Ministre Anne Brasseur dépose une documentation intitulée «Guide pratique de la restauration scolaire», éditée par le Ministère de la Santé)**

Et sinn och regelméisseg Kontrollen, an ech muss lech soe fir d'Restauration scolaire klappt dat excellent. Et muss een och gesinn, dass an der Restauration collective et den Ennerscheid ass ob ee mat Restauration scolaire ze dinn huet oder mat Restauratioun fir krank Leit oder mat Restauratioun fir gesond Leit, déi awer eeler sinn, an dass d'Regierung der Meinung ass, dass mer do net sollen en administrativen Iwwerbau maachen, mä dass déi Instrumenter, déi mer

hunn, gutt sinn, a mir musse kucken, dass déi nach besser am Intérêt vun de Konsumente schaffenen.

Nach ee Wuert zum Präis. Et gëtt ëmmer gesot, de Präis dierf keng Roll spillen. Ech wëll lech soe wat d'Schoulen ubelaangt, déi Präisser, déi mer als Stat bezuelen, déi deelweis méi héich sinn ewéi de Plat du jour, deen een an engem Restaurant kritt. Et ass awer bestëmmt net esou, dass gesot gëtt, dass um Präis do gespuert gëtt. Mir hunn och e Cahier des charges als Ministère de l'Éducation nationale ausgeschafft, wou et net nëmmen de Präis ass, deen ausschlaggebend ass, mä wou et e System vu Punkte gëtt, ob op der Plaz gekacht gëtt, ob net op der Plaz gekacht gëtt, wéi vill Personal zur Verfügung steet, wat d'Qualifikation vum Personal ass.

All déi Punkte spille mat eran, an déi Entreprise, déi do eben de beschte Score huet, wou net nëmmen de Präis spillt, déi kritt dann den Zouschlag. An dat explizéiert och firwat de Präis esou héich ass. Ech hat deen eng Kéier verglach mat deem wat mer am Ausland fannen, esou dass onse Präis vill méi héich ass wéi am Ausland, an dat ass och an der Rei.

Mä et soll een net elo gleewe wéi wann hei um Präis géing gespuert ginn. Dat gëtt effektiv net gemaach. Mä mir mussen awer kucken, dass et qualitativ héichwäerteg ass, mä dass mer awer nach mam gesonde Mënscheverstand drun eruginn an dass mer hei net - an dat ass en Term, deen dann an d'Alimentation passt -, dass mer net probéieren d'Ham an der Mëllech ze kachen.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Domadder wier dee Punkt ofgeschloss a mir kommen elo zur Presentatioun vun der Proposition de loi 5172 vum Här Marc Zanussi iwwert d'Gemeinbibliothéiken. Et si schonn ageschriwwen d'Madame Stein, d'Madame Durdu an den Här Gibéryen. D'Wuert huet elo den Auteur vun der Proposition de loi, den honorabelen Här Marc Zanussi.

### 3. 5172 - Proposition de loi portant organisation d'un réseau de bibliothèques communales

#### Présentation

M. Marc Zanussi (*LSAP*), *auteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, aus der Iwwerzeegung eraus, dass liesen haut a muer ëmmer nach déi zentral Basistechnik ass, déi ee brauch fir an der Gesellschaft - och hei zu Lëtzebuerg - en Accès ze hunn zu der sozialer Promotioun, zu der Kultur a schlussendlech och zu der Demokratie, an aus der Erkenntnis eraus, dass och déi nei Medien, déi sech am Laf vun deene leschte Joren implantéiert hunn a sech zousehends enger Belëiftheet erëeën, d'Liesen net kënnen ersetzen, an aus der Iwwerzeegung eraus, an och aus der Erfahrung als Schaffen an der Stad Diddeleng, dass d'Bibliothéiken e wichtegt Instrument, wann net dat wichtegst Instrument kënne sinn, fir déi Eegeschaft an déi Kompetenz vum Liesen ze promovéieren, ass déi Proposition de loi hei entstanden, fir e Réseau vu kommunale Bibliothéiken ze schafen, deen den Zougank zu de Bicher erliichtert an ënner anerem awer och den Zougank zu deenen neien a moderne Kommunikationsmittel erlabe soll.

Ech wëll awer och drop hiweisen an net verheemlechen, dass den Ursprong vun dëser Proposition de loi och zrëckgeet op d'Resultater, déi d'Lëtzebuurger Land an d'Lët-

zebuerger Schoul bei der Etüd PISA virun enger Rei vu Joren hat, an ech denken, dass et derwäert ass drun ze erënneren, wat fir e Resultat, dass dobäi erauskomm ass. D'Tatsaach, dass deemools nëmmen 2% vun de Jugendlechen am Alter vu 15 Joer an deem éischte Peloton mat héijer Lieskompetenz klasséiert waren, an d'Tatsaach, déi nach méi schlëmm ass eigentlech, dass 25% vun de Schüler, déi deemools un där Etüd deelgeholl hunn, um allerleschten ënneschten Echelon deelgeholl hunn, ass mengen ech eng zousätzlech Motivatioun gewiescht, fir deen Text hei auszuschaffen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Zweck dovunner ass déi Defiziter, déi do erkannt gi sinn an déi mengen ech onëmstridden drop zrëckzeféiere sinn, dass et bei de Kanner hei zu Lëtzebuerg net nëmme wat d'Liese selwer ubelaangt, mä virun allem wat d'Verstoe vun deem wat gelies gëtt ubelaangt, grouss Problemer gëtt, fir déi Defiziter ze decken an hëllefen opzefëllen. Dofir ass dës Proposition de loi entstanen.

Si ass allerdéngs och entstanen, an dat verheemlechen ech net, aus där Visite, déi ech mat enger ganzer Rei vu Leit a Finnland hat, wou ech mer d'Resultater vu Finnland am Zusammenhang mat der PISA-Etüd ugekuckt hunn a wou ech mer och ganz spezifesch d'Bibliothéikswiesen a Finnland méi no ugekuckt hunn, a wou ech festgestallt hunn, dass an der PISA-Etüd 18% vun de Kanner vun de Finnen an deem allerieweschte Peloton vun der Lieskompetenz gestanen hunn, ee Resultat wat beandrockend war a wat drop zrëckzeféieren ass, dass d'Liesen eben a Finnland op eng ganz professionell a konsequent Aart a Weis promovéiert gëtt.

Zwee Chifferen: A Finnland sinn am Joer 2001 vun all Finn ronn 20,1 Buch an der Bibliothék geléint ginn. All Finn geet am Prinzip minimal zwielef Mol d'Joer an eng Bibliothék fir sech ze dokumentéieren a fir sech Bicher an aner Saachen unzeliesen an auszeléien. Fir eis als LSAP, wéi mer déi Diskussioun hei gefouert hunn, hu mer och nach eng Kéier ënnestrach, dass d'Fro vum Liese jo och ganz vill mat dem Thema vun der Chancéglaichheet ze dinn huet, an dass eis dofir och d'Lieskompetenz an alles wat dat mat sech bréngt um Häerz läit.

Ech hunn och am Exposé des motifs vun der Proposition de loi drun erënnert an e bëssen an der Geschicht gekuckt, dass de Komerod Thilmany schonn 1928 eng Proposition de loi iwwer e kommunaal Bibliothéikswiesen déposéiert huet, dass de René Blum 1927 sech scho vill mat där Fro vum Bibliothéikswiesen och hei an der Chamber beschäftigt huet, an hunn allerdéngs och festgestallt, wat déi aktuell Gesetzgebung ubelaangt - fir erëm e Sprong an d'Aktualitéit ze maachen. Wann ech den Text kucken iwwert d'Primärschoul, deen elo déposéiert ass, waren am Artikel 99 vum fréiere Gesetz, dat vun 1912 staamt, d'Schoulbibliothéiken am Primaire libelléiert. An deem Text, deen elo déposéiert ginn ass, steet zwar an den Article 5 a 6 eppes Klenges iwwert d'Lieskompetenz, déi d'Kanner solle kréien, mä d'Schoulbibliothéiken aus dem Primaire sinn net méi an deem Text - wann ech dat elo richteg an Erënnerung hunn - enthalen.

Dann och zu der Tatsaach, dass wann een d'Situatioun hei zu Lëtzebuerg kuckt mat siwe Bibliothéiken, déi ongeféier 17% vun der Populatioun erreechen, an dem Bibliobus, deen eigentlech nëmmen 3% erreecht, dat am Verglach zu eisen Nopeschlänner eigentlech schrecklech wéineg ass. Wann een och gesäit, dass et an den Nopeschlänner, beispillsweis an der Belsch, och Gesetzer gëtt iwwert d'lokaal Bibliothéikswiesen, wann ee weess, dass an deem dote Gesetz

och d'Zesummenaarbecht vun de Bibliothéike mat de Schoule promovéiert gëtt, dass d'Bibliothéiken d'Aufgab hunn, fir d'Liesen ze promovéieren, dass et am Saarland am Grundgesetz verankert ass, dass d'Bibliothéike vum Stat massiv sollen ënnerstëtzt ginn, aus all deenen Iwwerleeungen eraus, wéi gesot, kënn den Text, deen ech proposéiert hunn.

Et geet an deem éischten Artikel drëm, e Réseau de services de bibliothèques publiques et d'information um Territoire vum Lëtzebuurger Land ze schafen. An deenen Artikelen duerno gëtt dra beschriwwen wéi déi Bibliothéike sollen entstoën. D'Gemege sollen initiéiert ginn an d'Richtung vun esou Bibliothéiken ze goen, si solle vum Stat gehollef kréien. Si hunn d'Méiglechkeet, dat entweder selwer ze maachen oder an der Kollaboratioun mat enger anerer Gemeeng. Si sollen awer weinstens an hirer Gemeng eng Ulafstell hunn, déi de Leit hëllef, den Accès zu de Bicher ze maachen, iwwert de Wee vu Kommunikatioun, iwwert de Wee vu Kontakt mat anere Bibliothéiken.

Déi SBle, wéi se ofgekierzt am Text heeschen, sollen dann och d'Lienen herstellen zu dem Primärschoulwiesen, déi sollen de Lien herstellen zu de Muséeeën, zu de Centres de recherche, zu dem Bibliobus, zu der zentraler Bibliothék, déi an engem Artikel duerno beschriwwen gëtt, zu der nationaler Bibliothék, an eben alleguerten déi Aarbechte maachen, op déi ech nach kuerz zrëckkommen, déi mat Promotioun vum Liesen ze dinn hunn.

Da gëtt an engem weideren Artikel och d'Schafe vun enger zentraler Bibliothék préconiséiert, déi eigentlech fir d'Bibliothéiken, déi SBlen an de Bibliobus Bicher soll stockéieren, fir net deene kleng Bibliothéiken déi ganz Aarbecht vun dem Stock vun de Bicher an esou weider opzeerleëen, mä déi soll deenen hëllefen, déi doten Aarbecht ze maachen. Da gëtt och dovunner geschwat, dass déi Zentralbibliothék selbstverständlech weinstens een diploméierte Bibliothécaire misst hunn, dee rattachéiert wär un d'Bibliothèque centrale, an d'Aufgabe vun där Persoun wäeren dann eben ze informéieren, ze renseignéieren, ze conseilléieren, an dat alles zesumme mat deene kleng Bibliothéiken, déi ech virdrun esquiséiert hunn.

An engem Abschnitt weider gëtt dann dovunner geschwat, dass de Service vun de Bibliothéiken eigentlech soll gratis sinn. Et gëtt dovunner geschwat, dass d'Gemeengen d'Autonomie hunn iwwert d'Envergue vun der Bibliothék selwer ze decidéieren, iwwert d'Öffnungszäiten an alles wat mat dem Fonctionnement ze dinn huet. Et ass dovunner geschwat ginn, dass am Gesetz virgeschloe gëtt, esou ee Réseau innerhalb vu fënnef Joer opzerichten. Et gëtt dovunner geschwat fir eng nei Formatioun vum Aide-bibliothécaire ze schafen, eng Formatioun, déi mer - mengen ech - am Land net hunn an déi fir de Käschtpunkt och an agréabele Mesuren ze halen eng Noutwendegkeet wär.

Da gëtt am Gesetz selbstverständlech vill iwwert d'Missiounen geschwat, déi déi Bibliothéike sollten hunn. Déi sinn am Artikel 10 opgezitt, wou et haaptsächlech drëm geet, d'Kanner och ze motivéieren, sech mat liesen ze beschäftegen, en Développement vun der Kultur a vum Liesen ze promovéieren, déi lokal Populatioun probéieren anzebannen an d'Liesen, Manifestatiounen ze maachen, déi d'Promotioun vun Liesen als Zil hunn, eng gutt Zesummenaarbecht mat de Primärschoulen ze garantiéieren, eng gutt Zesummenaarbecht mat alleguerten deenen aneren, mam associativé Milieu ze garantiéieren, d'Publikatiounen ze sammeln, sech mat der Fro vun den neien Technologien ze beschäfte-